**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech begréissen iech alleguerte ganz häerzlech op eisem 1. Mee hei zu Réimech.

E ganz grousse Merci dem Buergermeeschter an dem Schäfferot vun der Gemeng Réimech a ganz besonnesch de Mataarbechter vum Service Technique. Ech wënschen iech all e flotten Dag op eisem Familljefest hei zu Réimech.

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech géif och gären de Kolleege vum OGBL, déi haut an der Abtei Neimënster den 1. Mee feieren, alles Guddes op dësem net nëmme fir d'Gewerkschafte wichtegen Dag wënschen.

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Wann een sech déi rezent Entwécklung an Europa esou wéi am Rescht vun der Welt virun Aen hält, da muss et engem kloer sinn, datt ganz Villes extreem schif leeft. Zum Krich an der Ukrain, an dem Virmarsch vun der extreemer Rietser a ville Länner vun Europa kënnt elo och nach den amerikanesche Präsident mat senger ganz spezieller Agenda dobäi.

Eis Länner, eis Demokratie, Europa ginn destabiliséiert vu baussen, duerch dem Putin säin Aggressiounskrich, an dem Trump säin Zollkrich, a vu bannen, duerch ëmmer méi Regierungen an Europa, déi vu rietsextreemen a faschistesche Parteien ugeféiert ginn.

D'Äntwert op dës Defien sinn net nach méi Nationalismus an Extremismus an Europa. D'Äntwert op dës Defien kann nëmmen duerch ee staarkt Europa op de Wee bruecht ginn. De Schmusekurs tëscht Trump a Putin duerf kee Succès fannen.

Europa muss seng Souveränitéit, seng Demokratie verdeedegen doduerch, datt gemeinsam d'Ukrain weider gestäerkt gëtt an och doduerch, datt gemeinsam an d'Defense investéiert gëtt. Wien muer a Fridden a Fräiheet liewe well, muss sech haut esou militäresch ekipéieren a strukturéieren, datt all Iwwerleeung no der Ukrain, dat nächst Land an Europa ze iwwerfalen, direkt a sech zesummefält. Esou wei och den aktuellen Hybridkrich, deen elo schonns an Europa stattfënnt, fir Europa ze destabiliséieren, och een Enn kréie muss.

Militäresch Ofschreckung géigeniwwer de Géigner vun engem demokrateschen Europa sinn also grad esou néideg, ewéi déi weider Ënnerstëtzung vun der Ukrain, wa mir eisen, den europäesche "Way of Life" wëllen weidergoen. Europa muss och zesummestoen op der zweeter Front, déi den Trump duerch säin Zoll an Handelskrich opgemaach huet.

D'Europäer mussen zesummestoen an zesummenhalen, fir militäresch a wirtschaftlech kënnen an dëser neier Welt ze bestoen. Nationalismus an de "chacun pour soi" si kloer déi falsch Äntwerten a kënnen nëmmen zu méi groussen a schlëmmere Probleemer féieren.

D'EU Kommissioun huet also haut effektiv eng grouss Verantwortung, doduerch datt Europa militäresch a wirtschaftlech fit gemaach muss gi, fir géigeniwwer vun dësen neien Erausfuerderunge kënnen ze bestoen. D'EU Kommissioun huet deemno awer nach méi grouss Responsabilitéiten, wann et drëms geet d'europäesch Länner ze stabiliséieren an domadder d'Demokratie och no bannen ze stäerken! D'EU Kommissioun duerf dofir de soziale Volet net vergiessen an Europa muss deemno och op dësem Plang gestäerkt ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet an Europa si grad esou wichteg wéi d'Efforten, déi elo musse gemaach ginn, fir datt Europa sech an dëser Welt ka behaapten. Ouni eng nohalteg Politik, déi op soziale Grondwäerter baséiert, sinn eis Demokratien net ze halen a gi vu Populisten a Rietsextremer iwwerrannt.

Beispiller a Frankräich, Italien, der Belsch an Holland, grad ewéi Däitschland, sollten all Mënsch ferm ze denke ginn. Dann hätten Trump, Putin a Co dat erreecht, wat se vu baussen net fäerdeg bruecht hunn, nämlech eis progressiv a sozial Gesellschaft futti ze maachen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Mat engem Europa, wat sech militäresch a wirtschaftlech behaapte kann, mat engem Europa, wat op Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet setzt, gëtt och de Fridden, d'Fräiheet an d'Demokratie an eisem Land ofgeséchert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Wann een elo dës Situatioun an Europa an doriwwer eraus gesäit, da misst ee mengen, datt och hei zu Lëtzebuerg den Zesummenhalt an eiser Gesellschaft misst gestäerkt ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Leider ass awer elo genee de Géigendeel de Fall an dofir kënne mir och déi reegelrecht Attack op déi national repräsentativ Gewerkschaften an op hiert Recht, fir Kollektivverträg auszehandelen an ze ënnerschreiwen, net verstoen. Eng Attack op d'Gewerkschaften an op eise Sozialmodell, deen eenzegaarteg an top modern an Europa ass an deen elo quasi 50 Joer funktionéiert an eis duerch all Krise gefouert huet, an deen dorop baséiert, datt een sech an engem Sujet eens gëtt an eng gewësse Richtung ze schafen, an am Konsens e Resultat erreecht.

Op Regierungssäit gouf e Paradigmewiessel duerchgezunn, d.h. ee grondleeënden Changement vun de soziale Wäerter. Dat gëtt kloer visibel, wann ee gesäit, wéi d'Regierung géint d'Sozialpolitik vun de Gewerkschafte virgeet. D'Regierung denigréiert d'Gewerkschaften, stellt se als Réckstänneg, als "quantité négligeable" duer. Mam Argument vun der Unzuel un "Neutralen", oder besser gesot Patronsdélégéierten, soll hei d'Kräfteverhältnis am Betrib komplett ausgehiewelt ginn.

Domadder mécht d'Regierung ganz kloer Politik, déi d'Patronat afuerdert! An dobäi entlarvt se sech als Doudegriewer vun eisem Sozialmodell!

Vu Gewerkschaften a Verhandlunge mat de Gewerkschafte geet hei keng Rieds méi. Vu Verbesserungen am Kollektivvertragsgesetz ewéi de Rôle vun den national repräsentative Gewerkschaften ze stäerken a méi Argumenter ze hunn, fir Kollektivverträg ze verhandelen, schwätze mir guer net méi! Am Kloertext bedeit dat, 'ech Patron well a mengem Betrib schalten a walte, wéi ech well, an dofir mussen déi réckstänneg Gewerkschaften aus dem Betrib eraus. An eis Kumpanen an der Regierung maachen eis dat op Käschte vun de Steierzueler an d'Rei!'

All Mënsch hei am Land kann sech elo e Bild maache, wat dës Regierung vun de Salariéen an hire Vertrieder hält. A vun der néideger Vertrauensbasis am Ëmgang mateneen, kann een och net méi schwätzen! Am Kontext vun der Ëmsetzung vun der Direktiv iwwer adäquat Mindestléin ass hei zu Lëtzebuerg fir d'éischte Kéier eng Direktiv mëssbraucht ginn, fir déi bestoend Situatioun ze verschlechteren. An dat ënnert dem Deckmäntelchen vun der Moderniséierung.

Nom Slogan "mir musse méi modern ginn, mee a Wierklechkeet schloe mir, d'Regierung, gären alles futti." D'Regierung mécht also haut dat, wat a villen Nopeschlänner zu grousse Probleemer gefouert huet. Mee vläit fënnt eise Premierminister, datt de Chaos a Frankräich, an der Belsch oder Holland säin eegene Charme huet.

"Mir maachen dat, well Bréissel et well, a Bréissel ass Schold", soen déi Hären ! Dëst ass eng irresponsabel Politik, well d'Europäesch Union diskreditéiert gëtt a Populismus a Rietsextremismus reegelrecht d'Dier opgemaach kréien. A Groussbritannien huet esou eng Politik dem Brexit de Wee bereet. A villen aner Länner sinn esou Rietsextremer un de Pouvoir komm.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Wann insgesamt de Sozialdialog vun der Regierung drop berout, datt se wëllen

1. consultéieren
2. eleng decidéieren

dann ass dat de klore Beweis, datt si amfong näischt méi wëlle mat de Gewerkschaften ze dinn hunn, an net méi wëlle schaffen, ewéi mir dat an eisem Sozialmodell elo 50 Joer kannt hunn a wou mir gemeinsam u Léisunge geschafft hunn, also op e Konsens aus waren.

Mir sinn aktuell mat enger Politik vun der Regierung konfrontéiert, déi:

- den Tripartitesmodell mat 3 Partner op Aenhéischt refuséiert;
- Gewerkschaftsrechter a Fräiheeten ofschafe wëll;
- den Acquis vun de Leit aus dem Privatsecteur um Beispill vun de Kollektivverträg an de Pensioune kloer am Viséier huet.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et geet hei net nëmmen ëm eis, ëm d'Gewerkschaften. Neen Kolleeginnen a Kolleegen, et geet ganz kloer dorëms, fir am Privatsecteur d'Gewerkschaften auszehiewelen, auszegrenzen an auszemanövréieren, fir dann an enger zweeter Phase kënnen d'Aarbechtszäiten ze flexibiliséieren, Léin a Fro ze stellen a Pensiounen erofzesetzen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dat bescht Beispill an dësem Kontext, sinn déi rezent Gesetzesprojeten, déi d'Regierung am Kader vun der Sonndesaarbecht an den Ëffnungszäiten op de Wee bruecht huet. Amplaz d'Sozialpartner iwwert de Wee vu Kollektivvertragsverhandlungen mat an d'Flicht ze huelen, gëtt hei per Dekreet à la Trump quasi alles komplett dereguléiert a flexibiliséiert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dës aktuell Projete vun der Sonndesaarbecht an den Ëffnungszäiten am Commerce entspriechen net dem Besoin vun de Leit a well se net dem Besoin entspriechen, froe mir eis firwat mir d'Salariéen an eng Situatioun bréngen, wou se Aarbecht a Famill net méi ënnert een Hutt kënne kréien, zumools an

engem Niddreglounsecteur! D'Sonndesaarbecht, d'Ëffnungszäiten, an domadder d'Aarbechtszäiten am Commerce, loosse mir net komplett dereguléieren!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

En anert flott Beispill, ewéi d'Regierung mat de Mënschen am Privatsecteur ëmgeet, ass déi rezent Diskussioun ronderëm eise Pensiounssystem. Och an dësem Dossier gëtt alles gemaach, fir sech net musse mat de Propositioune vun de Gewerkschaften ze konfrontéieren. Fir et kloer ze soen, et muss eppes un eisem Pensiounssystem geschéien, fir datt och muer an iwwermuer eis Pensiounen ofgeséchert sinn. Allerdéngs heescht dat net, datt een egal wat soll maachen, ewéi d'Patronat dat fuerdert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech wëll et hei kloer soen: D'Pensioune substantiell ze kierzen, ewéi d'Patronat dat fuerdert, ass fir d'Gewerkschafte keng akzeptabel Approche, well dëst nëmmen zur Altersaarmut a Misär ka féieren. D'Babyjoren a Fro ze stellen, ewéi d'Patronat dat fuerdert, ass fir d'Gewerkschafte keng akzeptabel Approche, well et d'Mamme sinn, déi ganz oft hir beruflech Karriär am Intérêt vun de Kanner zeréckstellen an iwerhapt ass dës Iwwerleeung komplett fraefeindlech, a vu Gläichberechtegung a vu gläiche Rechter kann ee bei dëse Patronatsvervirrunge scho guer net méi schwätzen. D'Studiejoren net méi als assimiléiert Versécherungsjore wëllen unzehuelen, ass eng aner Fuerderung vum Patronat, e Schlag an d'Gesicht vun de jonke Generatiounen.

D'Patronat huet sech komplett op eise Pensiounssystem ageschoss a wëll vu Solidaritéit a sozialer Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft näischt méi wëssen. Wann e Mënsch de Statut vum Salarié verluer huet, dann huet en an den Ae vum Patronat näischt méi ze gutt.

Esou eng neoliberal Approche ass fir eis komplett inakzeptabel. D'Gewerkschaften OGBL an LCGB hunn der Regierung an der zoustänneger Ministesch hir Propositioune schonn am Oktober vum leschte Joer virgestallt. Dës Propositioune stäerken eise Rentensystem, well op der Recettesäit alternativ Finanzéierungsmoyen opgewise ginn.

A wat ass d'Reaktioun vun der Regierung? Op Propose vun de Gewerkschafte fir eise Rentesystem duerch nei Recetten ze stäerke, kréie mir keng Äntwert, ausser datt et näischt duerf kaschten. Amplaz Verhandlungen am Tripartiteformat, zitt d'Ministesch eng reng Show of.

Zu alleréischt eng breet Consultatioun iwwer Internet, wou vu bal 600.000 Versécherten der ronn 2.700 deelhuelen. Dat sinn ëmmerhin 0,45% - e wierklech phänomenale Succès! An dono Experteronnen, déi willkürlech nom Gusto vun der Ministesch zesummegestallt ginn an all soi-disant

Expert 2 Minutten Zäit huet, fir seng Iwwerleeungen op de Punkt ze bréngen. De Showmaster vun Dalli-Dalli kann hei nëmme vun Näid platzen!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Veräppele kënne mir eis och selwer! D'Ministesch organiséiert hei eng reng Show, eng Zort Vollekstheater, eng Fassade à la Potemkin mat ganz vill Niwwel hannendrun! Et geet hei drëms déi Elementer, op déi Patronat a Regierung sech scho laang eens gi sinn, kënnen an enger kommender Reform ëmzesetzen. An dat, egal wat et fir kommend Generatioun bedeit. An esou ganz niewebäi, kann een sech déi desagreabel Gewerkschaften och vum Hals schafen!

Den LCGB, zesumme mat de Kolleege vum OGBL, kann esou eng récksiichtslos Approche nëmmen zeréckweisen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

An de Pensioune gëtt Alarmismus verbreet. Panikmaacherei ass vu Patronat a Regierung all Dag quasi ugesot. Awer de richtege Brennpunkt spillt an den aktuellen Diskussiounen nëmmen eng Statisteroll. Nämlech eis Sécurité sociale, oder besser gesot, d'Finanzéierung vun eiser Gesondheetskeess. Eleng fir déi nächste 4 Joer gëtt et e Finanzéierungsbedarf vu ronn 1 Milliard Euro, wat d'CNS ugeet.

Och hei fanne mir eng komplett cocasse Situatioun erëm. Eng Ministesch, déi d'Probleemer net wëll gesinn, déi "Vogel-Strauss-Politik" vum Kapp an de Sand stieche mécht, an esou ganz niewebäi hir Responsabilitéit op Sozialpartner wëll iwwerdroen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

De Fazit ass kloer: Eng Ministesch, déi op haut, dësen Dag, och nach net kann oder wëll soen, wéi d'Regierungspolitik an esou engem kruzialen Dossier ewéi de Pensioune soll ausgesinn, muss sech d'Fro gefale loossen, ob se d'Leit am Privatsecteur an hir Vertrieder net formidabel veräppelt? Eng Ministesch, déi bis elo nëmme mat onausgegorenen a populisteschen Aussoen zum Sujet Pensiounen an der Press opgefall ass, komplett d'Iwwersiicht an der Gesondheetskeess verluer huet, an nëmmen duerch de brachialen Asaz vun de Sozialpartner an der CNS op de Plang geruff konnt ginn.

Den Dementi, wat d'Karenzdeeg ugeet, ass dobäi och e staarkt Stéck a kéint drop hindeiten, datt ee beim Patronat vläicht eng Gefällegkeet ze vill agaangen ass an elo bemol déi waarm Gromper wëll lassginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Allianz tëscht Regierung a Patronat, déi sech Dereguléierung, Lounreduktiounen, total Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten a weider Wohltaten fir d'Patronat nach méi op de Fändel geschriwwen huet, stellt esou ganz niewebäi och de Pensiounssystem an d'Gesondheetsversécherung vun de Mënschen am Privatsecteur a Fro ! Eng Allianz vum Häuptling vun der UEL a sengem Scharfmacher vun der Fédération des Artisans mat engem Premierminister an Ex-President vun der Chambre de Commerce, déi all Bezuch zur Realitéit a jeegleche Respekt verluer hu virun deene Leit, déi all Dag de Räichtum vun dësem Land mat hirer Aarbecht erschafen.

D'Fro stellt sech haut ob d'Regierung et géif woen, och esou mat hirer Fonction publique ëmzegoen, ewéi se dat mat de Salariéen aus dem Privatsecteur wëlles huet? Mir refuséieren op jiddwer Fall e System deen op sozialer Apartheid berout, wou déi eng an der 5-Stäre Klass matfueren, an Divisioune vu Mënschen an der 2. Klass, der Holzklasse, setzen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Regierung an hir Kolleege vun der UEL zerstéieren d'sozial Kohäsioun hei am Land a si maachen dat mat Absicht. Zu enger anerer Conclusioun kann een net kommen, wann een op der enger Säit gesäit ewéi an der Fonction publique ouni grousst Ophiewes e substantiellen Accord salarial verhandelt gëtt an op der anerer Säit am Privatsecteur déi selwecht Regierung als Alliéiert vum Patronat Sozialofbau bedreift, an en passant d'Gewerkschafte wëll ewechfeegen.

Mir gesinn dat als eng vun de gréissten Attacken op d'sozial Acquisen, op d'sozial Kohäsioun an eise Sozialmodell zanter dem Enn vum 2. Weltkrich. Sozial Apartheid ass definitiv eng Realitéit ginn an dësem Land! Dat géif de Premierminister sech ni mat de Vertrieder vun der Fonction publique erlaben. Amfong geet et also och ëm d'Gläichbehandlung vu Fonction publique a Privatsecteur an dësem Land.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Regierung zesumme mat der UEL ass amgaangen eng Politik op de Wee ze bréngen, déi onweigerlech zu enger Frontalkollisioun mat de Gewerkschafte féiert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Esou eng Politik bedreift een als Regierung ebe grad just net aus Responsabilitéit virum Land, mee den eenzegen Undriff ass, sech mat der Fonction publique ze arrangéieren, well et reng an eleng ëm d'Wale geet, an d'Regierungspolitik ënnert waltakteschen Aspekter definéiert gëtt.

Fir dem entgéint ze wierken an de Privatsecteur och politesch ze stärken, brauche mir d'Walrecht fir d'Chamber fir alleguerten d'Awunner an dësem Land. Dann gëtt och eis Deputéiertechamber vläicht erëm vu méi Mënsche gewielt, ewéi d'Chambre des Salariés, déi haut déi eenzeg Vertriedung ass, déi alleguerten d'Salariéen an d'Rentner aus dem Privatsecteur ka representéieren.

Einfach esou weiderfueren, wéi dës Regierung et wëlles huet, dat kënne sech d'Salariéen aus dem Privatsecteur net méi leeschten. Sozial an engagéiert fir d'Wieler an der Fonction publique, a kal a wirtschaftsliberal fir de Privatsecteur! Et geet eis elo duer, déck duer!

**Kolleginnen a Kollegen,**

Mir mussen eis géint esou eng Approche, wat de Privatsecteur ugeet, wiere mat all de Moyenen, déi eis als Gewerkschaft zur Dispositioun stinn. A mir wäerten dat och maachen, allerdéngs muss et eis och kloer sinn, datt mir et mat enger Allianz vu Regierung a Patronat ze dinn hunn, ewéi mir se nach net an dësem Land kannt hunn.

Ausserdeem stinn hei net nëmmen d'Gewerkschaftsrechter a -fräiheeten um Spill. Et geet ëm Aarbechtskonditiounen a Paien, ëm d'Sécurité Sociale, d'Pensiounen an d'Gesondheetsversécherung fir all Mënsch, deen hei am Land géint Paie muss schaffen oder geschafft huet. De Premier a seng Kolleegen an der UEL kënnen anscheinend mat Begrëffer ewéi Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet näischt ufänken a kënnen och net verstoen, ewéi Mënschen sech fillen, déi eben net zu den "Happy few" an de Chefetagen oder de Ministèrë gehéieren.

An dofir ass et eis kloer, datt mir eng enorm Responsabilitéit hunn, net nëmme vis-à-vis vun de Leit, déi hei am Land am Privatsecteur schaffen, mee och vis-à-vis vun deene Generatioune vu Gewerkschaftler, déi virun eis mat hirem Engagement dofir gesuergt hunn, de soziale Fortschrëtt no vir ze bréngen. Ausserdeem wëlle mir och deene Generatiounen, déi no eis kommen eng Aarbechtswelt an eng sozial Sécherheet hannerlossen, déi et dem Mënsch erlaabt, anstänneg an dezent kënnen ze liewen an eng gutt sozial Ofsécherung ze hunn.

Aus all deene Grënn ass et eng absolut Noutwennegkeet, quasi schonn eng Verflichtung, mat de Kolleege vum OGBL am Front syndical OGBL/LCGB zesummenzeschaffen a fir eis Rechter anzetrieden. Déi zwou grouss national repräsentativ Gewerkschaften hei am Land hunn net nëmmen decidéiert, sech ganz enk ze concertéieren, mee hir Kräften ze bündelen, fir effikass an effizient fir d'Leit kënnen anzetrieden. De Front syndical OGBL/LCGB wäert an den nächste Wochen a Méint d'Salariéen hei am Land informéieren an sensibiliséieren.

An wa mir keng Satisfaktioun kréien, da kënnt et net nëmmen zu Aktiounen an der grousser nationaler Manifestatioun den 28. Juni. Da kënnt et doriwwer eraus och zu engem reegelrechtem Sozialkonflikt an, wann et dann néideg ass, zu engem Generalstreik!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

All Mënsch hei am Land weess et elo: den LCGB ass bereet mat de Kolleege vum OGBL an eisem gemeinsame Front syndical bis zum Äussersten ze goen! Mat eis gëtt et keen zeréck!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Gewerkschaften hunn hei am Land duerch d'Verhandlung vu Kollektivverträg fir méi ewéi 50% vun de Salariéen d'Aarbechts- a Remuneratiounskonditiounen gereegelt. D'Gewerkschaften hunn duerch hiren Engagement an der Tripartite mat dofir gesuergt, datt déi verschidde Krisen duerch déi eis Ekonomie gaangen ass, net zur sozialer Casse gefouert hunn, mee zur Stäerkung vun eisem Sozialmodell an domadder zur Prosperiteit vum Land bäigedroen hunn.

D'Gewerkschaften hunn doriwwer eraus dofir gesuergt, datt eng performant Sécurité sociale entstanen ass. D'Gewerkschaften hunn och dofir gesuergt, datt de Mindestloun sech kontinuéierlech weiderentwéckelt huet an datt verschidde Sozialtransferten, ewéi zum Beispill d'Kannergeld, net vergiess gi sinn. D'Gewerkschaften an hire verlängerten Arem, d'Delegatiounen, hu bei Probleemer am Betrib net nëmmen de Salariéë gehollef, mee oft och dem Betrib esou munch Probleemer geléist.

All dat, Kolleeginnen a Kolleegen, huet enorm zur sozialer Kohäsioun an zum Erhalt vum soziale Fridden hei am Land bäigedroen. Eise Sozialmodell deen Enn der 70'er Joren op de Wee bruecht ginn ass, huet also enorm Meritten, net nëmme wat déi ekonomesch a sozial Entwécklung vun eisem Land ugeet.

Eise Sozialmodell huet och enorm zur Integratioun vun deene Mënschen an eis Gesellschaft bäigedroen, déi vu méi wäit hierkomm sinn, fir sech an hire Famillen hei eng nei Existenz opzebauen. Eise Sozialmodell ass d'Fundament, op den d'sozial Kohäsioun tëscht Residenten a Frontaliere berout. Eise Sozialmodell huet also staark zur Entwécklung vun enger oppener, inklusiver a progressiver Gesellschaft bäigedroen.

Regierung a Patronat stellen also net nëmmen eise Sozialmodell a Fro! Regierung a Patronat stellen d'sozial Kohäsioun an de soziale Fridden op Spill! Regierung a Patronat wëllen eng aner Gesellschaft, déi reng no ekonomesche Krittäre fonctionéiert! Dat kënnen a wëlle mir net akzeptéieren! Dat musse mir op d'Schäerfst zeréckweisen!

Dofir Kolleeginnen a Kolleegen, ruffen ech am Numm vum LCGB, am Numm vum Front syndical OGBL/LCGB, zur Mobilisatioun an zum Engagement fir eise Sozialmodell op. Solidaritéit an Engagement

sinn d'Basis vun eiser Aarbecht, op Solidaritéit an Engagement sinn d'Gewerkschafte gebaut ginn, a Solidaritéit an Engagement sinn déi richteg Äntwerten op d'Erausfuerderung vun dësem Moment.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et geet bei dëser Mobilisatioun net nëmmen drëms, eisen Acquis ze halen, eis gewerkschaftlech Rechter a Fräiheeten ze verdeedegen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Regierung muss sech kloer zu eisem Sozialmodell bekennen, also der Tripartite mat 3 Partner op Aenhéicht an all Attack op d'Kollektivvertragsgesetz direkt op een Enn bréngen. Elementer, ewéi Sonndesaarbecht, Ëffnungszäite, sollen zu drëtt am Comité Permanent du Travail et de l'Emploi gekläert ginn, woubäi Verännerungen op der Basis vu Kollektivertragsverhandlungen ze privilegéiere sinn.

An Diskussioun ronderëm d'Stäerkung vun eisem Pensiounssystem gehéieren an eng Tripartite.

Doriwwer eraus fuerdere mir:

- E bessert Kollektivvertragsgesetz, wat d'Rechter vun den national repräsentative Gewerkschafte stäerkt
    - doduerch, datt bei ëffentleche Soumissiounen a Subventiounen d'Existenz vu Kollektivverträg eng kloer Pregorative ass;
    - doduerch, datt d'Employeuren obligéiert gi, mat de Gewerkschaften ze verhandele, wa mir wëlle méi an nei sektoriell Kollektiverträg aféieren;
    - doduerch, datt d'Conciliationsprozedur a schlussendlech och d'Streikrecht vereinfacht gëtt.

- En neit Delegatiounsgesetz, wat un déi nei Gegebenheeten, ewéi d'Digitalisatioun a kënschtlech Intelligenz, adaptéiert ass.

- Eng besser Ofsécherung vun den Existenze vun de Salariéë géint de Chômage doduerch, datt mir d'Plan de maintien dans l''emploi an dem Sënn stäerke, fir Alternativen ewéi d'Cellule de Reclassement ze schafe, wann et zum Aarbechtsplazverloscht fir e Salarié kënnt, well restrukturéiert gëtt oder wann e Mënsch mat der Mutatioun vun der Aarbechtwelt haut net méi ka mathalen.

    Den LCGB ass dofir komplett mat de Kolleegen, déi bei Liberty Steel schaffen, solidaresch. Mir fuerderen den Aarbechtsminister op, hei schnellstens iwwert de Modell vun enger CDR dës Kolleegen opzefänken an hir Existenzen ofzesécheren.

Här Minister, nëmmen eis Gesetzer ze recitéieren, dat geet net méi duer, well soss kéint ee jo zur Conclusioun kommen, datt d'Funktioun vum Aarbechtsminister iwwerflësseg wir, mee wat mir vun Iech verlaangen, Här Minister, dat sinn Decisiounen, déi dem Besoin vun de Salariéen a schwieregen Situatioune Rechnung droen, also eng modern a sozial Aarbechtspolitik.

- Eng besser Ofsécherung vun de Salariéë géint de Risiko vun der Krankheet doduerch, datt de Reclassement interne privilegéiert an déi ganz Prozedur staark vereinfacht gëtt.

  A schlussendlech, dir kënnt iech et schonn denken, datt dei 78-Woche-Reegel duerch eng nei Legislatioun endlech ofgeschaft ka ginn. Schwéier krank Mënschen och nach déi finanziell Grondlag wëllen ze huelen, ass eng Perversioun a misst vun all sozial denkendem Mënsch zeréckgewisen ginn. D'Ministesch vun der Sécurité Sociale huet do hiert Wuert ginn a bis elo, no iwwert engem Joer, ass näischt geschitt! NADA!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

All dës Fuerderungen ewéi eise ganzen Aktiounsprogramm mussen ëmgesat gi, wa mir wëlle fir méi sozial Gerechtegkeet an dësem Land suergen. Méi sozial Gerechtegkeet fir d'Salariéen an d'Rentner. An d'Gläichbehandlung tëscht Fonction publique a Privatsecteur!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Wa mir zesumme stinn, wa mir zesummen halen, dann zweiwelen ech kee Moment, datt mir dat packen. Den LCGB huet a méi ewéi 100 Joer zanter senger Grënnung esou munche Stuerm erlieft. Den LCGB huet duerch seng Aarbecht a säin Asaz Lëtzebuerg mat gepräägt a verännert. An ëmgedréint huet déi gesellschaftlech Entwécklung natierlech och den LCGB verännert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Regierung wëll eng néi a "modern" Politik op Käschte vun eisem Sozialmodell féieren ? Da reagéieren d'Gewerkschaften effizient mat neien a moderne Léisunge fir d'sozial Acquisen ofzesécheren! Well eppes huet sech fir eis ni verännert a wäert sech och net veränneren:

eisen Engagement, eis Solidaritéit, eisen Asaz fir sozial Gerechtegkeet.

Vive den 1.Mee! Vive eise Front syndical OGBL/LCGB ! Vive den LCGB!

Villmools Merci fir är Opmierksamkeet a vill Freed um Familljefest.

---